



Club J.B.



BASKET T71 Diddeleng a.s.b.l.

“Blumme- Konscht- an Hobbymaart” vum T71 Diddeleng de 4 & 5 Juni 2022



Léif Hobbykënschtler a léif Geschäftsleit,

De Weekend vu Päischten organiséiert den T71 Diddeleng ee Blumme-Konscht- an Hobbymaart mat musikalescher Animatioun an Iessen an Drénken.

Den T71, als Organisateur, bekëmmert sech em Kontakter.

Dëse Maart ass verbonne mat engem Nuetsmaart.

De Site ass zu Diddeleng, am Haff an um Parking vum Lycée Nic Bieber Annexe Alliance, Quartier Italien.

De Maart ass zum gréissten Deel do baussen (mat Ausnam vun e puer Stänn déi fir Moler ënner Dach reservéiert sinn).

E Stand vun 3 x 3 Meter kascht e Standgeld vun 10 € an e Stand bis 3 x 6 Meter kascht e Standgeld vu 15 €, méi ewéi 6 Meter kascht et zousätzlech 10 €.

Mir froen eng Kautioun vu 50 €.

Jidderee suergt selwer fir säi Stand (Zelt, Dësch, Stull). Falls nach Disponibilitäten do sinn, da verléint den T71 och Zelter vun 3 x 4,5 Meter. Et stinn Dëscher a Bänken als Locatioun zur Verfügung.

Wann är Umeldung ugeholl ginn ass, kritt dir eng Bestätegung gemailt.

Duerch är Iwwerweisung acceptéiert Dir och d'Konditiounen vum Maart.

Stéichdatum a leschten Delai fir ze iwwerweisen ass de 15.04.2022.

Wann Dir wëllt matmaachen, da mailt eis den Umeldungsziedel op maart@t71.lu.

Falls nach zousätzlech Froe sinn, da schéckt eis w.e.gl. eng Email op maart@t71.lu oder ruff un um Handy +352 621 218 237 / 621 143 739 oder Festnetztelefon +352 27 99 89 70.

Mat beschte Gréiss,

Den Organisationscomité vum Basket T71 Diddeleng

Basket T71 Diddeleng
B.P. 69 - L-3401 Diddelange
e-mail: T71@T71.lu
http://www.T71.lu

Président: Marcel Wagener
Secrétaire: Tom Michel
Trésorier: Gully Mousel
Tél.: 691 220 257
Tél.: 691 561 849
Tél.: 621 187 672

Blumme- Konscht- an Hobbymaart
BCEE: LU89 0019 6155 4567 2000

3 fois Champion de Luxembourg (dames)
13 fois Champion de Luxembourg (hommes)
2 fois Vainqueur Coupe des Dames
12 fois Vainqueur Coupe de Luxembourg (hommes)
Trophée Fair Play Prosper Link 1975
Meilleure équipe ALJS 1975
Couleurs: Noir/Noir - Blanc/Blanc



BASKET T71 Diddeleng a.s.b.l.

“Blumme- Konscht- an Hobbymaart” vum T71 Diddeleng de 4 & 5 Juni 2022

Informatiounen a Konditiounen vum Hobbymaart zu Diddeleng de 4. & 5. Juni 2022

- ◆ Den Organisateur ass de Basket T71 Diddeleng.
- ◆ De Maart ass de 04.06.2022 vu 14h00 bis minimum 22h00 op.
- ◆ De Maart ass de 05.06.2022 vun 11h00 bis 18h00 op.
- ◆ Opriichte kann ee Samschdes moies vun 09h00 bis 14h00.
- ◆ De Site ass d'ganz Nuecht iwwerwaacht.
- ◆ Um Site selwer däerf keen Auto während dem Maart stoe bleiwen.
- ◆ D'Autoe mussen um 13h30 (Samschdes) respektiv um 10h30 (Sonndes) de Site verlooss hunn.
- ◆ E Stand däerf net virun 22h00 (Samschdes) respektiv 18h00 (Sonndes) zougemaach ginn.
- ◆ Fir ofzeriichten däerf een e Sonndeg ab 18h00 mam Auto op de Site erafueren.
- ◆ D'Umeldung ass definitiv wann d'Standgeld an d'Kautioun op de Konto iwwerwise ginn
- ◆ D'Kautioun gëtt Iech op äre Konto zeréckerstatt, deelt eis äre Kontosnummer um Umeldeformulaire mat, oder owes de 05.06.2022 nom Maart zeréckbezuelt (Konditioun: bei ärem Depart, muss äre Stand propper a vum Material degagéiert sinn).
- ◆ D'Suen fir d'Locatioun vun de Bänken, den Dëscher asw. mussen am viraus iwwerwise ginn (10€ fir en Dësch an 3 € fir eng Bänk).
- ◆ Ärt Emplacement kritt Dir Enn Mee geschéckt / gemailt.
- ◆ Et däerfen nëmmen déi Saachen ausgestellt ginn, déi een an der Umeldung uginnt huet. Floumaartmaterial a Second Hand Saache sinn net toleréiert.

- ◆ Et däerf keen Iesswueren oder Gedränk ubidden a verkafen.



BASKET T71 Diddeleng a.s.b.l.

- ♦ Plazen sinn nom Maart propper ze maachen, et däerf keen Dreck dorëmmer leien.
- ♦ Den Aussteller däerf säin Emplacement net änneren.
- ♦ Et ass net erlaabt e Feier ze maachen.
- ♦ All Aussteller erlaabt dem T71 Fotoe vu sech, sengem Stand a senge Saachen ze maachen an déi kënnen ze publizéieren. Falls net averstanen, dann deelt eis dat w.e.gl. schrëftlech mat.
- ♦ Alles, och all Konschtgéigestand ass ënnert der Verantwortung vum Proprietär. Den T71 Diddeleng kënn net op fir eventuell Schied (Déifstall, Verloscht, Beschiedegung asw.). Mir leeën all Responsabilitéit of bei all Onfall.
- ♦ Muss de Maart deels oder ganz annulléiert oder ofgebrach ginn, kann doduerch kee Schuedenersatz géint de Basket T71 Diddeleng gefrot a geltend gemaach ginn.
- ♦ All d'Instruktioune vum T71, vun der Gemeng Diddeleng a vum Lëtzebuurger Staat musse respektéiert ginn.
- ♦ Besonnesch am Bezuch zu der Coronapandemie mussen all geltend Konditiounen a Reegele souwuel vun der Regierung ewéi vun der Santé integral agehale ginn.

Hoteller:

Hôtel, Restaurant Cottage, Dudelange, www.cottageluxembourg.com,
Tél. +352 52 05 91

Hôtel, Restaurant La Charbonnade, Dudelange,
www.hotel-restaurant-lacharbonnade.lu,
Tél. +352 27 28 04 34, E-mail : contact@lacharbonnade.lu

Diddeleng, Dezember 2021